

GEMENGEROT

VUM 3. JUNI 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohlen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: Guy Breden (CSV), Conseiller

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, mat Ausnam vun de Punkten 1, 2, 16.10, a 24.

ËFFENTLECH SITZUNG

MATDEELUNGEN

De Félix Eischen (CSV) mécht déi ëffentlech Sëtzung op a präziséiert dass dëst am Prinzip déi zweetlescht Gemengerotssëtzung ass, déi am Musekssall stattfënnt, an dass déi vum Juli déi läscht do wäert sinn. Ab September wäerten d'Gemengerotssëtzungen da nees op der Gemeng an der Salle des Séances ofgehal ginn. De Félix Eischen gëtt d'Wuert un de Guy Kohlen (CSV) deen ee kuerze Rapport vun der leschter Comitëssëtzung vum SIDOR vu Leideleng mécht, wou et ënner anerem em dat neit Offallgesetz gaangen ass dat jo d'Gesetz vun 2012 modifizéiert fir enger EU Direktiv gerecht ze ginn. An dësem neien Text gëtt den Ënnerscheid tëschent „déchets municipaux ménagers“ an „déchets municipaux non-ménagers“ gemaach. Dëst huet gewëssen Auswirkungen op d'Offallgesellschaften an d'Entreprise, sou dass d'Gemenge riskéieren de Contrôle iwwer d'Decheten ze verléieren. D'Compte vun 2021 goufe presentéiert an analyséiert, en Defizit vu 9% an de Recette par Rapport zum leschte Joer gouf festgestallt, dëst erkläert sech zum Deel duerch déi niddereg Zënsen um Spuerkont. Doduerch, dass déi aktuell Anlag vum SIDOR esou lues d'Hallschent vun hirer Liewensdauer areecht, leet den SIDOR e Fonds de Renouvellement un, esou kann den Excedente vun deenen eenzele Joren op d'Säit geluecht gi, fir eng nei Anlag ze finanzéieren. Et ass awer net ausgeschloss dass duerch d'Inflatioun an d'Präis-Hausse net genuch Fongen do si fir eng nei Anlag ze bezuelen, sou dass eventuell d'Tariffer fir Haushaltsoffäll, déi säit 1998 net méi ugepasst goufen, erhéicht misste ginn.

D'Claudine Meyer (LSAP) informéiert dass si den 31. Mee 2022 an de Büro vum ZARO gewielt gouf an och doriwwer dass d'Familljekommissioun nach zwou Visite fir jeeweils 40 Persounen geplangt huet, dëst den 11. an den 18. Juli 2022 fir den neie Fussballstadion an der Staat ze besichen.

De Félix Eischen informéiert doriwwer dass de Büro vum ZARO beim Wirtschaftsminister Franz Fayot eng Entrevue ugefrot huet, fir iwwer eng méiglech Extenssioun vum ZARO ze diskutéieren, vum dass d'Surface vum ZARO esou lues ausgelaascht sinn.

D'Situatioun vun de Flüchtlingen zu Nospelt ass nach ëmmer onverännert. De Moment sin 9 Leit am Centre Culturel ënnerbruecht an no diverse Gespréicher mat der ONA gesäit et net esou aus wei wann des Zuel géif massiv an d'Luucht goen. D'Gemeng hat der ONA och d'Notze vum Haus nieft dem Haus Schockweiler proposéiert, mee dëst schéngt net gebraucht ze ginn.

Weiderhin informéiert hien, dass den 30. Juni 2022 eng Entrevue op Beamtenniveau, tëscht dem Schäfferot an dem Logements-Ministère ass, wou et ëm de Projet Elmen an eis finanziell Situatioun geet. D'Käschte vun där geplangter Schoul si relativ an d'Luucht gaangen. Mëttlerweil erhiewen sech déi Käschten op 45 Milliounen Euro. Zousätzlech kréie mir och eng Entrevue mat de Ministere Kox a Bofferding an dat nach virun der grousser Vakanz.

Ausserdeem, huet d'Gemeng Koplescht ugefrot fir sech um Bau vun enger eventueller Piscine op ELMEN ze bedeelegen. Si goufen informéiert, dass de Projet mat der Piscine muss verréckelt ginn, an dass d'Prioritéit fir de Moment um Bau vun der Sportshal läit. Dës kënne laut Pläng an 2 Phase gebaut ginn, dass mat der Sportshal kann ugefaange ginn, an deemno wéi dem Bau vun enger Piscine näischt am Wee steet. Et gouf iwwer d'Käschte vun enger Piscine geschwat an d'Diskussioun muss zu engem spéideren Zäitpunkt gefouert ginn.

D'Vëlofederatioun huet ugefrot fir an 3 Wochen, de nationalen Vëlo-Championnat zu Nospelt ze organiséieren. Doduerch dass d'Gemeng Bissen kuerzfristeg ofgesprongen ass, huet den Här Ed Buchette sech un eis Gemeng gewannt. Nospelt ass déi eenzeg Uertschaft an eiser Gemeng wou sech fir d'Championnat eegent. D'Championnat gëtt net duerch d'halleft Land, mee op engem

Circuit gefuer an dat de ganze Weekend vu Freides bis Sonndes. Dee klunge Circuit gëtt tëscht Nospelt an Ollem gefuer, an déi grouss Kategorie, Sonndes och vun Nospelt op Ollem, iwwer Giewel an d'Simmerfarm erof an dann erëm zeréck op Nospelt. Dat wieren dann am ganzen 14, 15 Kilometer. Weiderhin huet d'Vëlofederatioun Infrastrukturen, wéi Duschen, etc. gefrot fir hier Equippen ënner ze kréien. A sou wäert de Weekend vum 24.-26. Juni 2022 de Lëtzebuurger Vëlo-Championnat zu Nospelt stattfannen.

De Nationalfeierdag gëtt dëst Joer zu Ollem gefeiert. Den Ufank ass um 17:30 Auer mam Te Deum um Parking bei der Kierch.

ËFFENTLECH SËTZUNG

1. PAP „nouveau quartier“ an der rue des Champs zu Kielen

Den Projet d'aménagement particulier „nouveau quartier“ (PAP NQ), bezüglech der „rue de Champs“ zu Kielen, dee vum Bureau d'études PACT Sàrl vu Gréiwemaacher ausgeschafft gouf, gesäit de Bau vu 9 Eefamilljenhaiser vir. Während dem Zäitraum wou de Projet aushoung, si keng Reklamatiounen era komm a sou huet de Gemengerot de PAP NQ „rue des Champs“ mat 7 Jo-Stëmme an 3 Enthaltungen (déi gréng, DP) ugeholl.

2. PAP „nouveau quartier“ um Schmaddskraiz zu Kielen

Beim Projet d'aménagement particulier „nouveau quartier“ (PAP NQ), bezüglech dem „Schmaddskraiz“ zu Kielen, dee vum Bureau d'études PACT Sàrl vu Gréiwemaacher ausgeschafft gouf, ass de Bau vu 20 Eefamilljenhaiser, sou wéi 2 Residenze mat am ganzen 20 Appartementer virgesinn. Während dem Zäitraum wou de Projet aushoung, sinn 23 Reklamatiounen era komm. De Gemengerot huet de PAP NQ „Schmaddskraiz“ mat 8 Jo-Stëmme an 2 Enthaltungen (déi gréng) ugeholl.

3. **Ënnerdeelunge vun Terrainen**

3.1 **Ënnerdeelung vun engem Terrain an der rue de la Montée zu Dondel**

De Gemengerot huet de Projet vum Büro BCR S.à r.l. fir d'Firma TAG Lux SCS an der Madamm Sonia GARA an dem Här Marco RIVETTI ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzelle 40/777 vun 2,71 Ar a 40/778 vu 4,27 Ar an der rue de la Montée zu Dondel, a 5 Lousen ze deelen.

3.2 **Ënnerdeelung vun engem Terrain an der rue de Mamer/ rue Brameshof zu Kielen**

Ueschléissend huet de Gemengerot de Projet vun der Firma Geolux G.O. 3.14. fir den Här Franky ERPELDING an d'Madamm Josiane Jasmine Pauline ROGER ugeholl. Laut dësem Projet gëtt d'Parzell 2234/5556 vun 10,90 Ar an der rue Brameshof zu Kielen, an 3 Lousen opgedeelt.

3.3 **Ënnerdeelung vun engem Terrain an der rue Napoléon 1^{er} zu Ollem**

De Projet vun der Firma CASAPRO CONCEPT S.à r.l. gesäit vir fir d'Parzell 720/2131 vu 6,36 Ar an der rue Napoléon 1^{er} zu Ollem, an 2 Lousen ze deelen an gouf vum Gemengerot ugeholl.

3.4 **Ënnerdeelung vun engem Terrain an der rue de Capellen zu Ollem**

De Gemengerot huet de Projet vum Büro BCR S.à r.l. fir d'Firma CREA Real Invest SCSp ugeholl. Dëse Projet besteet doranner fir d'Parzell 577/1808 vun 8,05 Ar an der rue de Capellen zu Ollem, an 2 Lousen ze deelen.

3.5 **Ënnerdeelung vun engem Terrain an der rue des Jardins / rue de Kehlen zu Ollem**

Dann huet de Gemengerot de Projet vum Architektbüro Bonifas vun Nouspelt fir den Här Julien RIES vun Ollem ugeholl. Dësen gesäit vir d'Parzell 56/2885 vun 18,64 Ar an der rue des Jardins zu Olm, a 4 Lousen ze deelen.

4. **Akten a Compromisen**

Folgend Akten a Compromisen si vum Gemengerot ugeholl ginn:

4.1 **Compromis fir de Kaf vun zwou Parzellen um Lieu-dit „rue Brameschhof“ zu Kielen – Wohlfart-Roger-Erpelding**

De Compromis deen den 02/05/2022, tëscht der Madamm Lynn WOHLFART,

an der Koppel Josiane Jasmine Pauline ROGER a Franky ERPELDING an dem Schäfferot bezüglech de Parzellen Nr. 2234/5556 (Lous 1) a Nr. 2234/5556 (Lous 3), um Lieu-dit „rue Brameschhof“ zu Kielen, ënnerschriwwen gouf, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen déi besot Parzelle fir d'Regularisatioun vun Emprisen, déi duerch de Reamenagement vun der rue Brameschhof zu Kielen entstane sinn.

4.2 - **Tauschakt vu Parzellen um Lieu-dit „rue des Jardins“ zu Ollem - Ries-Kayl**

Den Tauschakt deen de 27/04/2022, vum Schäfferot an der Koppel Annette KAYL a Julien Jean-Marie RIES ënnerschriwwen gouf, fir den Tosch vun der Parzell Nr. 56/2520 vu 0,51 Ar um Lieu-dit „rue des Jardins“ zu Ollem, géint d'Parzell Nr. 56/2884, vu 0,01 Ar an Nr. 2127/7389, vu 0,11 Ar, um Lieu-dit „rue des Jardins“, dëst fir Emprisen ze regulariséieren, déi duerch d'Erneuerung vun der rue des Jardins zu Ollem entstane sinn, gouf vum Gemengerot ugeholl.

4.3 – **Akt fir de Kaf vun enger Parzell „Auf der Burg“ zu Kielen (M. Joseph GILBERTZ et communauté d'époux GILBERTZ-SCHMIT)**

De Verkafsakt deen den 16/05/2021 vum Schäfferot an dem Här Joesph GILBERTZ, an der Koppel Aloyse Norbert SCHMIT an Lydie Virginie GILBERTZ, ënnerschriwwen gouf, gouf vum Gemengerot ugeholl. Mat dësem Akt huet d'Gemeng eng Parzell Nr. 1761/7273 vu 0,41 Ar um Lieu-dit „Auf der Burg“, kaf, am Kader vun der Realisatioun vun engem Chemin à Mobilité Douce.

5. **Cession gratuite vu Parzellen zu Nouspelt „rue Dr Elvire Engel“**

Am Kader vum PAP „Iwwert der Kräizziel“ phase I, huet de Gemengerot den Akt vum 16/05/2022 tëscht der Gemeng Kielen an der Firma JARO S.A., fir eng Cession gratuite, déi esou an der Konventioun tëscht dem Promoteur an der Gemeng festgehale gouf, ugeholl.

6. **Ëmklässiere vu Parzellen zu Meespelt an zu Nouspelt**

6.1 **Parzell Nr. 1180/3170 an 1180/3171 zu à Meespelt an der „rue de Kopstal“**

Nodeems am Kader vun der Enquête publique keng Reklamatiounen erakomm sinn, decidéiert de Gemengerot

fir Parzellen Nr. 1180/3170 vun 0,05 Ar an 1180/3171 vun 0,01 Ar, zu Meespelt, um Lieu-dit „rue de Kopstal“, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, ëmzeklasséieren, fir se kënnen ze verkafen.

6.2 **Parzell Nr. 1188/3111 zu Meespelt an der „rue de Kopstal“**

Och bei dëser Enquête publique si keng Reklamatiounen erakomm, dermadder decidéiert de Gemengerot fir Parzellen Nr. 1188/3111 vun 0,49 Ar, Sektion E vu Keespelt a Meespelt, um Lieu-dit „rue de Kopstal“, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, ëmzeklasséieren, fir se kënnen ze verkafen.

6.3 **Parzell Nr. 111/5101 zu Nouspelt an der „Grand-Rue“**

Den Gemengerot decidéiert dann fir Parzellen Nr. 111/5101 vun 0,42 Ar, Sektion C vun Nouspelt, um Lieu-dit „Grand-Rue“, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, ëmzeklasséieren, fir se kënnen ze verkafen, och bei dëser Enquête publique war keng Reklamatioun eran komm.

7. **Feldweeër 2022 – Devis**

De Gemengerot stëmmt den Devis opgestallt vun der ASTA an Héicht vun 111.500,00 Euros TTC fir d'Instandssetzungsarbechte vun de Weeër „op der Speckt / op Schobierg / a Kléieschlach / ënnert der Héicht“ zu Kielen/ Keespelt et Meespelt.

8. **Projets et devis**

8.1. **Entwécklung vun engem Chemin à mobilité douce zu Kielen a Verlängerung vun der Kopleschterstrooss**

De Gemengerot stëmmt den Dossier, mat détailléiertem Devis a Pläng, betreffend dem Amenagement vun engem Chemin à mobilité douce zu Kielen a Verlängerung vun der Kopleschterstrooss, dee vum Büro Schroeder & Associés de 19/05/2022 dem Schäfferot presentéiert gouf, fir e Gesamtbetrag vun 225.000,00 Euro TTC.

8.2. **Dräi Zebrasträifen op der Kräizung bei der Kierch zu Keespelt – Verkéiersberouegend Moosnamen**

Och den Dossier betreffend d'mise en conformité vun dräi Zebrasträifen op der Kräizung vun der rue de Kehlen (CR102) - rue de Mersch (CR102) an der Rue de Meispelt zu Keespelt, ausgeschafft vum Büro Schroeder & Associés, fir e Gesamtbetrag vun 152.000,00 Euro TTC, gëtt vum Gemengerot ugeholl.

8.3. Foussgängerwee mat Busarrêt zu Ollem bei der SICONA - Verkéiersberouegend Moosnamen

De Projet betreffend der mise en conformité vum Foussgängerwee mat Busarrêt zu Ollem bei der SICONA, dee vum Büro Schroeder & Associés opgestallt gouf fir e Gesamtbetrag vun 150.000,00 Euro TTC as och ugeholl gin.

8.4. Foussgängerwee an der Mierscherstrooss zu Keespelt - Verkéiersberouegend Moosnamen

De Gemengerot stëmmt den Dossier, mat détailléiertem Devis a Pläng betreffend der mise en conformité vum Foussgängersträifen an der Mierscherstrooss zu Keespelt, dee vum Büro Schroeder & Associés, fir e Gesamtbetrag. vu 65.000,00 Euro TTC, opgestallt gouf.

9. Grond- a Gewerbebesteier fir d'Joer 2023

De Gemengerot decidéiert d'Grond- a Gewerbebesteier fir d'Joer 2023 esou bäizebehalen ewéi an de Jore virdrun:

- Gewerbebesteier 300 %
- Grondsteuer A 400 %
- Grondsteuer B1 600 %
- Grondsteuer B2 500 %
- Grondsteuer B3 500 %
- Grondsteuer B4 500 %
- Grondsteuer B5 500 %
- Grondsteuer B6 500 %

10. Ännere vum Taxe-Reglement iwwert Aarbechte vum Service Régie fir Tiersen an d'Material fir den Ënnerhalt vum Drénkwaasserreseau

Dat néit Taxe-Reglement iwwert d'Aarbechte vum Service Régie fir Tiersen an d'Material fir den Ënnerhalt vum Drénkwaasserreseau an der Gemeng Kielen gëtt vum Gemengerot guttgeheescht. D'Reglement gouf méi präzis formuléiert an un déi aktuell Tariffer vun de Fournisseuren ugepasst.

11. Museksschoul Kielen - Schoulorganisatioun 2022-2023

De Gemengerot hält déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Joer 2022/2023 vum Enseignement musical fest. De Gemengerot vun der Gemeng Bartreng deliberéiert awer iwwert déi definitiv Organisatioun vum Enseignement musical.

Laut der Presentatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun behiewen sech d'Käschte fir d'Joer 2022/2023 am neie Gebai „Museksschoul Am Pavillon“ zu Kielen op 1.017.088,10 Euro.

12. Contrat Pacte Climat 2.0

De Gemengerot huet dee neie Kontrakt Versioun 1.1 bezüglech dem KlimaPakt 2.0, tëscht dem Stat, My Energy an der Gemeng Kielen, ugeholl. Mat dësem Kontrakt ginn d'Objektiver bezüglech der Reduktioun vun de Gasemissiounen mat Treibhauseffekt, der Energieeffizienz an der Promotioun vun den erneierbaren Energien, verstärkt.

13. Konventioun mat der SICONA Sud-Ouest fir d'mise à disposition vun engem Conseiller am Kader vun Natur Pakt

De Gemengerot huet d'Konventioun mat der SICONA, fir d'mise à disposition vun engem Conseiller, approuvéiert. Dës Konventioun gouf de 15/12/2022 ënnerschriwwen a leeft bis den 31/12/2030.

14. Jugendhaus JUKI - Konventioun 2022

D'Konventioun 2022 betreffend d'Fonctionnement vum Jugendhaus, déi tëscht dem Educatiounsministère, der JUKI asbl an dem Schäfferot ënnerschriwwen gouf, gouf vun de Gemengeréit guttgeheescht.

15. Office Social Commun Mamer - Konvention 2022

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir dat lafend Joer, déi den 28. Abrëll 2022 tëscht dem Staat, dem Office social an de 7 Gemengen (Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Recken op der Mess), déi de gemeinsamen Office social mat Sëtz zu Mamer bilden, ënnerschriwwen gouf. Déi geschätzte Gesamtkäschte fir d'Gemeng Kielen, belafen sech op 92.260,91 Euro.

16. Berodend Kommissiounen

16.1 Schoulkommissioun: Nominatioun vun engem Member

D'Kandidatur vum Här POOS Xavier vun Nouspelt, fir Member an der Schoulkommissioun ze ginn, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.2 Integratiounskommissioun - Nominatioun vu Memberen

D'Kandidature vun den Hären REGNO Massimo vun Ollem; GRÜNEISEN

Olivier vu Kielen; der Madamm HIENCKES Corinne vun Nouspelt; an dem Här MATIAS TRIGO Afonso Filipe vun Ollem, goufe vum Gemengerot ugeholl.

16.3 Chancëgläichheets- a Familljekommissioun - Kënnegung als Sekretär

De Gemengerot huet d'Kënnegung vum Här KLEIN Fernand vun Ollem, als Sekretär vun der Chancëgläichheets- a Familljekommissioun, ugeholl.

16.4 Chancëgläichheets- a Familljekommissioun - Kënnegungen als Member

D'Kënnegunge vum Här KLEIN Fernand an der Madamm MARTIN Bernadette vun Ollem, als Membere vun der Chancëgläichheets- a Familljekommissioun, goufe vum Gemengerot ugeholl.

16.5 Kulturkommissioun - Kënnegung als Sekretär

D'Kënnegung vum Här KLEIN Fernand vun Ollem, als Sekretär vun der Kulturkommissioun, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.6 Kulturkommissioun - Kënnegung als Member

Och dem Här KLEIN Fernand vun Ollem seng Kënnegung als Member vun der Kulturkommissioun, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.7 Jugendkommissioun - Kënnegung als President

D'Kënnegung vum Här BISSEN Marc vu Kielen, als President vun der Jugendkommissioun, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.8 Jugendkommissioun: Kënnegung als Member

Dem Här BISSEN Marc vu Kielen seng Kënnegung als Member vun der Jugendkommissioun, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.9 Jugendkommissioun: Nominatioun vun engem Member

D'Kandidatur vun der Madamm LAHURE Sandie vun Ollem, als Member vun der Jugendkommissioun, op Proposition vun der LSAP, gouf vum Gemengerot ugeholl.

16.10 Jugendkommissioun: Nominatioun vun engem Member

D'Kandidatur vun der Madamm LAHURE Sandie vun Ollem, als President vun der Jugendkommissioun, op Proposition vun

der LSAP, gouf vum Gemengerot mat 7 Jo-Stëmmen an 3 Enthaltungen (déi gréng an DP), ugeholl.

17. Subsidies divers

17.1. Editioun vum Floumaart fir Kanner 2021

De Gemengerot approvüiert dem Schäfferot seng Proposition, fir de Boni vun der 18. Editioun vum Kannerfloumaart 2021, un d'Associatioun Femmes en Détresse ze spenden. De Boni vu 4.830,33 Euro gouf vun der Gemeng op 5.000,00 Euro opgeronnt.

17.2. Editioun vum Floumaart fir Kanner 2022

De Gemengerot approvüiert dan och dem Schäfferot seng Proposition fir de Boni vun der 19. Editioun vum Kannerfloumaart 2022, un d'Associatioun Kanner an Familljenhëllef asbl ze spenden. Och dësen Boni vu 4.648,48 Euro gouf vun der Gemeng op 5.000,00 Euro opgeronnt.

18. Service Relations Publiques - Kreatioun vun engem Posten als Gemengenemployé an der Karriär A2, sous-groupe administratif

D'Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé an der Karriär A2 gouf vum Gemengerot gestëmmt.

19. Presentatioun vum Restantenétat 2021

De Receveur Serge Harles huet säin detailléierte Rapport mam Restantenétat fir d'Joer 2021 presentéiert an dësen gouf vum Gemengerot eestëmmege ugeholl.

20. Beleg fir Recetten - Exercice 2021

D'Beleg fir Recetten an Héicht vun 13.149,55 Euro aus dem Verkaf vun alem a gebrauchtem Material vun der Gemeng ewéi z.B. Geschier a Gefierer/oder informatesch Material, gi vum Gemengerot guttgeheescht.

21. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot 2 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der rue Abraham Lincoln zu Ollem an um Wee tëscht Dondel a Meespelt (Kleng Amerika) an der Dondelerstrooss zu Meespelt (Verlängerung), ze reegelen.

GESCHLOSSE SËTZUNG

22. Enseignement - Reaffektatiounsvirschléi

22.1 Posten fir den Enseignement - C2-4, 1 poste, SUR 100 %

De Gemengerot nennt eestëmmege een Kandidat op dësen Posten.

22.2 Posten fir den Enseignement - C2-4, 1 poste, SUR 100 %

Och op dësen Posten gëtt en Kandidat eestëmmege genannt.

22.3 Posten fir den Enseignement - C2-4, 1 poste, SUR 100 %

De Gemengerot nennt eestëmmege een Kandidat op dësen Posten.

22.4 Posten fir den Enseignement - C2-4, 1 poste, ACC 50 %

Op dësen Posten haten sech wuel Kandidaten gemellt, mee awer aner Gemengen als Prioritéit uginn. Dermadder gouf eestëmmege decidéiert fir op dësen Posten keen Kandidat ze nennen.

23. Service Technique - Nominatioun an de Service provisoire vun engem Gemengebeamten an der Karriär B1, sous-groupe technique

De Gemengerot nennt e Kandidat als Gemengebeamten an der Karriär B1 am Service Technique.

24. Photo-Videothéik vu Kielen - Augmentatioun der wëchentlecher Tâche vum Poste vum Archiviste

D'Proposition vum Schäfferot fir déi wëchentlech Tâche vum Archiviste vu 4 op 20 Stonnen ze erhéije gouf vum Gemengerot mat 7 Jo-, 2 Nee-Stëmmen (déi gréng) an 1 Enthaltung (DP) ugeholl. De Gemengerot nennt e Kandidat als Gemengebeamten an der Karriär B1 am Service Technique.

D'Proposition vum Schäfferot fir déi wëchentlech Tâche vum Archiviste vu 4 op 20 Stonnen ze erhéije gouf vum Gemengerot mat 7 Jo-, 2 Nee-Stëmmen (déi gréng) an 1 Enthaltung (DP) ugeholl.

CONSEIL COMMUNAL DU 3 JUIN 2022

Présents: Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Marc Bissen (LSAP) et Romain Kockelmann (CSV), les conseillers communaux, Larry Bonifas (déi gréng), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal, Marco Haas

Excusés: Guy Breden (CSV), conseiller

Début de la séance: 08.30 heures.

Tous les points de l'ordre du jour ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents du conseil communal, à l'exception des points 1, 2, 16.10, a 24.

SÉANCE PUBLIQUE

COMMUNICATIONS

Félix Eischen (CSV) ouvre la séance publique et précise que cette séance sera en principe l'avant-dernière séance qui aura lieu dans la salle de musique de Kehlen et que la dernière séance s'y tiendra lors du conseil communal de juillet. A compter du mois de septembre, les séances du conseil communal se tiendront à nouveau dans la salle des séances de la maison communale de Kehlen. Félix Eischen donne la parole à M. Guy Kohnen (CSV) qui résume brièvement la dernière séance du comité SIDOR qui s'est tenue à Leudelange. Une nouvelle loi relative aux déchets ménagers y a été discutée, modifiant la loi de 2012 afin d'être conforme à la Directive Européenne qui fait désormais la distinction entre « déchets municipaux ménagers » et « déchets municipaux non-ménagers ». Cela a un certain impact sur les sociétés de gestion des déchets et les entreprises, de sorte à ce que les communes risquent de perdre le contrôle sur la gestion des déchets. Les comptes de 2021 ont été présentés et analysés, un déficit de 9% en termes de recettes par rapport à l'année précédente a été constaté, cela est dû en partie aux faibles taux d'intérêt sur le compte d'épargne. Etant donné que l'usine actuelle du SIDOR atteint la moitié de sa durée de vie, un fonds de renouvellement est établi afin que l'excédent de chaque année soit en mesure de récolter suffisamment d'argent pour construire une nouvelle usine à financer. Il n'est cependant pas exclu qu'en raison de l'inflation et de la hausse des prix, il n'y ait pas assez de fonds pour payer une nouvelle installation, de sorte que les tarifs des ordures ménagères, qui n'ont pas été ajustés depuis 1998, doivent être augmentés.

Claudine Meyer (LSAP) informe qu'elle a été élue au bureau du ZARO le 31 mai 2022 et aussi que la Commission de la famille et de l'égalité des chances a prévu deux visites du nouveau Stade de Football de Luxembourg

avec 40 personnes chacune. Celles-ci auront lieu les 11 et 18 juillet 2022.

Félix Eischen informe que le bureau du ZARO a sollicité un entretien avec le ministre de l'économie Franz Fayot, pour discuter d'une éventuelle extension du ZARO, sachant que tous les terrains actuels sont réservés et que la demande de terrains est grande.

La situation des réfugiés ukrainiens à Nospelt reste toujours inchangée. Actuellement, 9 personnes sont hébergées dans le Centre Culturel de Nospelt et selon l'ONA, il ne faudra pas s'attendre à une augmentation massive d'occupants. La commune a également proposé à l'ONA la mise à disposition d'une maison à côté de la maison Schockweiler mais cela ne semble pas nécessaire actuellement.

Félix Eischen informe également qu'un entretien aura lieu le 30 juin 2022 entre le collège des bourgmestre et échevins et des hauts fonctionnaires du Ministère du Logement concernant le projet Elmen et l'impact de ce projet sur les finances communales. Les coûts initialement prévus pour la construction de la nouvelle école sont en augmentation et s'élèvent désormais à 45 millions d'euros. De plus, un entretien avec les ministres Cox et Bofferding à ce sujet aura lieu avant les vacances d'été.

La commune de Kopstal a manifesté son intérêt à participer à la construction d'une éventuelle piscine à Elmen. Ils ont été informés du fait que le projet doit être reporté et que la priorité pour le moment porte sur la construction de la salle de sport. Selon les plans, les constructions pourront être réalisés en deux phases, dont la première est la construction de la salle de sport, ainsi la construction d'une piscine pourra avoir lieu dans une prochaine phase. Les coûts liés à la réalisation d'une piscine seront sujets à discussion à une date ultérieure.

La fédération cycliste a demandé d'organiser le championnat national de cyclisme à Nospelt d'ici 3 semaines. En raison d'un désistement de dernière minute de la part de la commune de Bissen, M. Ed Buchette s'est tourné vers la commune de Kehlen. Nospelt est la localité

se prêtant le mieux pour l'organisation de ce championnat. Ce dernier se déroulera sur un circuit tout au long du week-end du vendredi 24/06/2022 au dimanche 26/06/2022. Le petit circuit se situe entre Nospelt et Olm. La grande catégorie, laquelle roulera le dimanche également de Nospelt à Olm, en passant par Giewel et Simmerfarm, puis le retour aura lieu à Nospelt. Au total 14,15 kilomètres seront parcourus. De plus, la fédération cycliste a sollicité la mise à disposition d'infrastructures, comme des douches, etc. Le championnat luxembourgeois de cyclisme aura donc lieu à Nospelt du 24 au 26 /06/2022.

La fête nationale de cette année sera célébrée à Olm. Les festivités débuteront à 17h30 et le Te Deum aura lieu sur le parking près de l'église.

1. Projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » au lieu-dit « rue des Champs » à Kehlen

Le projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » (PAP NQ), en relation avec la « rue de Champs » à Kehlen, qui a été préparé par le bureau d'études PACT Sàrl à Grevenmacher, prévoit la construction de 9 maisons unifamiliales. Pendant la période d'affichage du projet, aucune réclamation n'a été déposée et le conseil communal approuve le PAP NQ « rue des Champs » avec 7 votes pour et 3 abstentions (déi gréng, DP).

2. Projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » au lieu-dit « Schmaddskraiz » à Kehlen

Le projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » (PAP NQ), concernant le « Schmaddskraiz » à Kehlen, préparé par le bureau d'études PACT Sàrl à Grevenmacher, prévoit la construction de 20 maisons unifamiliales, ainsi que de 2 résidences comptant au total 20 appartements. Pendant la période d'affichage du projet, 23 réclamations ont été reçues. Le conseil communal approuve le PAP NQ « Schmaddskraiz » avec 8 votes pour et 2 abstentions (déi gréng).

3. Lotissements

3.1 Lotissement de terrains dans la rue de la Montée à Dondelange

Le conseil communal approuve le projet du bureau BCR S.à r.l. pour le compte de la société TAG Lux SCS et Madame Sonia GARA ainsi que Monsieur Marco RIVETTI. Ce projet consiste à diviser les parcelles 40/777 d'une contenance de 2,71 ares et 40/778 de 4,27 ares au lieu-dit « rue de la Montée » à Dondelange en 5 lots.

3.2 Lotissement d'un terrain dans la rue de Mamer/rue Brameschof à Kehlen

Le conseil communal approuve ensuite le projet de la société Geolux G.O. 3.14. élaboré pour le compte de Monsieur Franky ERPELDING et Madame Josiane Jasmine Pauline ROGER. Ce projet prévoit la division de la parcelle 2234/5556 d'une contenance de 10,90 ares au lieu-dit « rue Brameschof » à Kehlen, en 3 lots.

3.3 Lotissement d'un terrain dans la rue Napoléon 1^{er} à Olm

Ensuite le conseil communal approuve le projet de la société CASAPRO CONCEPT S.à r.l. prévoyant la division de la parcelle 720/2131 d'une contenance de 6,36 ares au lieu-dit « rue Napoléon 1^{er} » à Olm, en 2 lots.

3.4 Lotissement d'un terrain dans la rue de Capellen à Olm

Le projet du bureau BCR S.à r.l. pour le compte de la société CREA Real Invest SCS est également approuvé par le conseil communal. Ce projet consiste à diviser la parcelle 577/1808 d'une contenance de 8,05 ares au lieu-dit « rue de Capellen » à Olm en deux lots.

3.5 Lotissement d'un terrain dans la rue des Jardins / rue de Kehlen à Olm

Finalement le conseil communal approuve le projet du bureau d'architecte Bonifas de Nospelt pour Monsieur Julien RIES d'Olm. Ce projet prévoit la division de la parcelle 56/2885 d'une contenance de 18,64 ares au lieu-dit « rue des Jardins » à Olm, en 4 lots.

4. Actes notariés et compromis

Le conseil communal approuve les actes et compromis suivants :

4.1 Compromis de vente pour l'acquisition de deux parcelles de terrain à Kehlen

Le compromis de vente signé le 02/05/2022, entre Madame Lynn WOHLFART, les

époux Josiane Jasmine Pauline ROGER et Franky ERPELDING et le collège des bourgmestre et échevins concernant les parcelles n°2234/5556 (Lot 1) et n°2234/5556 (Lot 3) au lieu-dit « rue Brameschhof » à Kehlen, a été approuvé par le conseil communal. Par ce compromis, la commune de Kehlen achète les parcelles afin de régulariser les emprises créées par le réaménagement de la rue Brameschhof à Kehlen.

4.2 Compromis d'échange de parcelles de terrain à Olm

Le compromis d'échange signé le 27/04/2022, entre le collège des bourgmestre et échevins et les époux Annette KAYL et Julien Jean-Marie RIES, pour l'échange de la parcelle n°56/2520 d'une contenance de 0,51 ares au lieu-dit « rue des Jardins » à Olm, contre la parcelle n°56/2884, d'une contenance de 0,01 ares et n°2127/7389, d'une contenance de 0,11 ares, au lieu-dit « rue des Jardins », afin de régulariser les emprises créés par le renouvellement de la rue des Jardins à Olm, a été approuvé par le conseil communal.

4.3 Acte de vente pour l'acquisition d'une parcelle à Kehlen

Ensuite l'acte de vente signé le 16/05/2021 entre le collège des bourgmestre et échevins, Monsieur Joesph GILBERTZ, et les époux Aloyse Norbert SCHMIT et Lydie Virginie GILBERTZ, a été approuvé par le conseil communal. Par cet acte, la commune dispose d'une parcelle de terrain n°1761/7273 d'une contenance de 0,41 ares au lieu-dit « Auf der Burg », acheté dans le cadre de la construction d'une route à mobilité douce.

5. Cession gratuite de parcelles à Nospelt « rue Dr Elvire Engel »

Dans le cadre du PAP « Iwwert der Kräizziel » phase I, le conseil communal approuve l'acte du 16/05/2022, entre la commune de Kehlen et la société JARO S.A. quant à la cession gratuite telle que prévue par la convention entre le promoteur et la commune.

6. Déclassement de parcelles

6.1. Parcelles n°1180/3170 et 1180/3171 sises à Meispelt au lieu-dit « rue de Kopstal »

Le conseil communal décide de déclasser du domaine public communal vers le domaine privé communal les parcelles de terrains avec les numéros cadastraux 1180/3170, place, d'une contenance de 0,05 ares, et 1180/3171, place, d'une contenance de 0,01 ares, section -E- de Keispelt et Meispelt, au lieu-dit « rue de Kopstal », se trouvant entre la voirie vicinale et la propriété privée d'un tiers.

6.2. Parcelle n°1188/3111 sise à Meispelt au lieu-dit « rue de Kopstal »

Le conseil communal décide ensuite de déclasser du domaine public communal vers le domaine privé communal la parcelle de terrain avec le n° cadastral 1188/3111, place, d'une contenance de 0,49 ares, section -E- de Keispelt et Meispelt, au lieu-dit « rue de Kopstal », se trouvant entre la voirie vicinale et la propriété privée d'un tiers.

6.3. Parcelle n°111/5101 sise à Nospelt au lieu-dit « Grand-Rue »

Finalement le déclassement du domaine public communal vers le domaine privé communal de la parcelle de terrain avec le n° cadastral 111/5101, place, d'une contenance de 0,42 ares, section -C- de Nospelt, au lieu-dit « Grand-Rue », se trouvant entre la voirie vicinale et la propriété privée d'un tiers, est approuvé par le conseil communal.

7. Devis relatif à la mise en état de la voirie rurale pendant l'exercice 2022

Le conseil communal approuve le devis numéro 201269 établi par l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture relatif aux travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale communale pendant l'exercice 2022 au montant total de 111.500,00 Euros TTC.

8. Projets et devis

8.1. Aménagement d'un chemin de mobilité douce à Kehlen en prolongation de la rue de Kopstal

Le conseil communal approuve le dossier avec devis détaillé, bordereau et plans concernant l'aménagement d'un chemin de mobilité douce à Kehlen en prolongation de la rue de Kopstal, établi par le bureau d'ingénieurs-conseils Schroeder & Associés de Kockelscheuer le 19/05/2022, au montant total de 225.000,00 Euros TTC

8.2. Trois passages à piétons au croisement près de l'église à Keispelt - Mesures d'apaisement du trafic

Le conseil communal approuve ensuite le dossier avec devis détaillé, bordereau et plans concernant la mise en conformité des trois passages pour piétons situés au croisement rue de Kehlen (CR102)-rue de Mersch (CR102) et rue de Meispelt à Keispelt, établi par le bureau d'ingénieurs-conseils Schroeder & Associés de Kockelscheuer le 19/05/2022, au montant total de 152.000,00 Euros TTC.

8.3. Passage à piétons avec arrêt de bus à Olm près du SICONA - Mesures d'apaisement du trafic

Le dossier avec devis détaillé, bordereau et plans concernant la mise en conformité du passage piéton avec arrêt de bus à Olm près du SICONA, établi par le bureau d'ingénieurs-conseils Schroeder & Associés de Kockelscheuer le 19/05/2022, au montant total de 150.000,00 Euros TTC est également approuvé par le conseil communal.

8.4. Passage à piétons dans la rue de Mersch à Keispelt - Mesures d'apaisement du trafic

Le conseil communal approuve finalement le dossier avec devis détaillé, bordereau et plans concernant la mise en conformité du passage à piétons dans la rue de Mersch à Keispelt, établi par le bureau d'ingénieurs-conseils Schroeder & Associés de Kockelscheuer le 19/05/2022, au montant total de 65.000,00 Euros TTC.

9. Fixation des taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial pour l'année 2023

Le conseil communal décide de maintenir les taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial des années précédentes aussi en 2023:

Impôt commercial 300 %

Impôt foncier A 400 %

Impôt foncier B1 600 %

Impôt foncier B2 500 %

Impôt foncier B3 500 %

Impôt foncier B4 500 %

Impôt foncier B5 500 %

Impôt foncier B6 500 %

10. Modification du règlement-taxe sur les travaux effectués pour des tiers par le service de régie communal et le matériel pour l'entretien du réseau de distribution d'eau potable

Le conseil communal adapte les prix pour les travaux et le matériel pour les tiers, le matériel de conduite d'eau, ainsi que la caution pour la bouche d'incendie.

11. Ecole de musique Kehlen - Organisation scolaire 2022-2023

Le conseil communal arrête l'organisation scolaire provisoire de l'enseignement musical fonctionnant en la commune de Kehlen pour

l'année scolaire 2022/2023 telle qu'elle est présentée, le conseil communal de Bertrange délibérant définitivement sur l'organisation de l'enseignement musical pour l'année scolaire à venir en tenant compte des cours à organiser sur le territoire de la commune de Kehlen.

12. Contrat Pacte Climat 2.0

Le contrat « Pacte Climat 2.0 » version 1.1 du 07/04/2021 entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg représenté par son ministre ayant le climat dans ses attributions, le groupement d'intérêt économique « My Energy », ainsi que la Commune de Kehlen représentée par le collège des bourgmestre et échevins et signé en date du 18/08/2021 est approuvé par le conseil communal.

13. Convention de collaboration avec le SICONA Sud-Ouest pour la mise à disposition d'un conseiller dans le cadre du Pacte Nature

Le conseil communal approuve ensuite la convention Naturpakt signée en date du 15/12/2021 et conclue jusqu'au 31/12/2030 entre le SICONA Sud-Ouest représenté par son bureau et la commune de Kehlen, représentée par le collège des bourgmestre et échevins suivant laquelle le SICONA Sud-Ouest met au service de la Commune de Kehlen, un conseiller pacte Nature pour accompagner, assister et soutenir cette dernière.

14. Convention tripartite 2022 relative au fonctionnement du service de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes « JUKI A.s.b.l. »

Le conseil communal approuve la convention tripartite 2022 relative au fonctionnement du service de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes « JUKI A.s.b.l. », signée entre le Ministre de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, l'A.s.b.l. JUKI et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Kehlen, y compris les conditions générales s'y rapportant.

15. Office Social Commun Mamer - Convention pour l'année 2022

La convention du 28/04/2022 conclue entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, les communes de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess et l'Office Social Commun de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess est approuvée par le conseil communal.

16. Commissions consultatives communales :

16.1. Commission scolaire : nomination d'un membre

La candidature de M. POOS Xavier de Nospelt a été approuvée par le conseil communal.

16.2. Commission de l'Intégration : nomination de membres

Les candidatures de M. REGNO Massimo d'Olm, M. GRÜNEISEN Olivier de Kehlen, Mme HIENCKES Corinne de Nospelt et de M. MATIAS TRIGO Afonso Filipe d'Olm ont été approuvées par le conseil communal à l'unanimité des voix.

16.3. Commission de la famille et de l'égalité des chances : démission du poste de secrétaire

Le conseil communal approuve la démission de M. Fernand KLEIN comme secrétaire de la commission consultative communale de l'Egalité des Chances et de la Famille à l'unanimité des voix.

16.4. Commission de la famille et de l'égalité des chances : démission de membres

Les démissions de M. Fernand KLEIN et de Mme Bernadette MARTIN en tant que membres de la commission consultative communale de l'Egalité des Chances et de la Famille sont approuvées par le conseil communal à l'unanimité des voix.

16.5. Commissions des affaires culturelles : démission du poste de secrétaire

Le conseil communal approuve la démission de M. Fernand KLEIN comme secrétaire de la commission consultative des affaires culturelles à l'unanimité des voix.

16.6. Commissions des affaires culturelles : démission d'un membre

Le conseil communal approuve également la démission de M. Fernand KLEIN en tant que membre de la commission consultative des affaires culturelles à l'unanimité des voix.

16.7. Commission de la Jeunesse : démission du poste de président

La démission de M. Marc BISSEN en tant que président de la commission consultative de la Jeunesse est approuvée à l'unanimité des voix.

16.8. Commission de la Jeunesse : démission d'un membre

Le conseil communal approuve la démission de M. Marc BISSEN comme membre de la commission consultative de la Jeunesse à l'unanimité des voix.

16.9. Commission de la Jeunesse : nomination d'un membre

Le conseil communal approuve la nomination de Mme Sandy LAHURE comme membre de la commission consultative de la Jeunesse à l'unanimité des voix.

16.10. Commission de la Jeunesse : désignation d'un président

Le conseil communal approuve la nomination de Mme Sandy LAHURE en tant que présidente de la commission consultative de la Jeunesse avec 7 voix et 3 abstentions (déi gréng et DP).

17. Subsidés divers

17.1. 18^e édition du Floumaart fir Kanner 2021

Le conseil communal accorde sur proposition du collège des bourgmestre et échevins un don à l'association « Femmes en Détresse asbl ». Le boni de 4.830,33 Euro sera arrondi par la Commune à 5.000,00€.

17.2. 19^e édition du Floumaart fir Kanner 2022

En ce qui concerne l'édition 2022, le conseil communal accorde également sur proposition du collège des bourgmestre et échevins un don à l'association « Kanner an Familjenhëllef asbl ». Le boni de 4.648,48€ sera également arrondi à 5.000,00€ par la Commune.

18. Administration communale de Kehlen – création d'un poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous- groupe administratif pour le Service Relations Publiques

Le conseil communal crée un poste d'employé communal dans la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, pour les besoins du Service Relations Publiques.

19. Présentation de l'état des restants 2021

Le conseil communal approuve le rapport détaillé de l'état des restants 2021, présenté par le receveur communal Serge Harles.

20. Titres de recette de l'exercice 2021

Des recettes de 13.524,55€ provenant de la vente de matériel vieux et usé de la commune, comme p.ex. outils, véhicules et/ou matériel informatique, sont approuvées par le conseil communal.

21. Confirmation de règlements de circulation d'urgence du collège des bourgmestre et échevins

Le conseil communal confirme 2 règlements de la circulation d'urgence édictés par le collège des bourgmestre et échevins concernant la rue Abraham Lincoln à Olm et le chemin vicinal entre Dondelange et Meispelt (Kleng Amerika) et la rue de Dondelange et Meispelt (Prolongation).

24. Photo-Vidéothèque de Kehlen - Augmentation de la tâche hebdomadaire du poste d'archiviste créé le 09/03/2011

Le conseil communal décide d'augmenter la tâche hebdomadaire du poste d'archiviste de 4 à 20 heures hebdomadaires.

SÉANCE À HUIS CLOS

22. Enseignement : propositions de réaffectations

22.1. C2-4, 1 poste, SUR 100 %

Le conseil communal nomme un candidat au poste C2-4-SUR 100 %.

22.2. C2-4, 1 poste, SUR 100 %

Le conseil communal nomme ensuite un deuxième candidat au deuxième poste C2-4-SUR 100 %.

22.3. C2-4, 1 poste, SUR 100 %

Finallyment un troisième candidat est nommé au troisième poste C2-4-SUR 100 %.

22.4. C2-4, 1 poste, ACC 50 %

Etant donné que tous les candidats pour ce poste ont indiqués d'autres communes comme postes prioritaires, le conseil communal décide de ne retenir aucun candidat pour ce poste.

23. Service de régie communal - Nomination au service provisoire d'un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous- groupe technique

Le conseil communal nomme provisoirement au poste de fonctionnaire communal un candidat pour les besoins du service technique dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique.